N° 4744
Reçue le 26.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.07.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 26. Juli 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech folgend **parlamentaresch Fro** un den Här Bildungsminister weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no, hunn a verschidde Gemengen d'Maisons relais elo wärend der Summervakanz opgehale Covid19- Schnelltester ze offréiere fir datt sech d'Kanner kënnen teste loossen. Di betraffe Schüler hunn domadder just d'Méiglechkeet fir sech reegelméisseg bei hirer Gemeng ze melle fir do en zertifiéierten Auto-Schnelltest kënnen ze maachen.

Dëst obwuel d'Aféierung vu Schnelltester an de Schoulen- a Betreiungsstrukturen e weideren Deel vun der Covid-Strategie vum MEN duerstellt.

An deem Kontext welle mir folgend Froen un den Här Minister stellen:

- Kann de Minister eis des Informatioune bestätegen?
- Wa jo, wat sinn d'Grënn firwat eenzel Betreiungsstrukture keng Schnelltester wärend der Summervakanz offréieren?
- Hunn di eenzel Strukturen genuch Material fir ze testen ?

Mat déifstem Respekt,

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

Françoise Hetto
Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4744 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Françoise Hetto-Gaasch

Ad 1)

D'Covid-19-Schnelltester sinn, wärend dem ganzen Schouljoer 2020/2021, an de Schoulen ausgedeelt a gemaach ginn (mat Ausnam vum Cycle 1, wou d'Kanner d'Tester doheem gemaach hunn).

An de Strukture vun der non-formaler Bildung waren d'Covid-19-Schnelltester exklusiv fir d'Personal, fir datt d'Personal sech zweemol an der Woch konnt testen.

Ad 2)

Den Dispositif vun de Schnelltester gesäit net vir, datt d'Kanner an de Strukture vun der non-formaler Bildung getest ginn, och net wärend de Schoulvakanzen. D'Kanner sinn ausschliisslech an de Schoule getest ginn, well nëmmen d'Schoul eng ënnerschriwwen Awëllegung vum legalen Tuteur hat.

Ad 3)

D'Strukture vun der non-formaler Bildung kruten den 13. Juli 2021 e Communiqué mat den Demarchen, fir sech Autotester kënnen ze besuergen. All Struktur hat d'Recht, sech genuch Material ze besuerge fir déi ganz Summervakanz. Et ass awer ze betounen, datt dës Tester exklusiv fir d'Personal vun de Strukturen an och fir d'Assistants parentaux geduecht sinn.